


# MAACHER LYCEE

*"Méi no bei lech"*



## Portes ouvertes 2015

**Jeudi 23 avril** 19h-22h

**Samedi 25 avril** 9h-13h

www.maacherlycee.lu



**„De Maacher Lycée - Méi no bei Iech!“**

Vun dësem Schouljoer un ass aus dem „Lycée technique Joseph Bech“ de „Maacher Lycée“ ginn. Mir wëllen domat en Neiufank dokumentéieren, deen och duerch d’Fäerdegstellung vun eisem neien a flotte Gebai ënnermauert gëtt, an eng nei Dynamik matt neie Projeten an eiser Schoul ausgeléist huet. Den neien Numm soll awer och fir eis villsäiteg Offer matt Klassik an Technik stoen, an eis Verbonnenheet mat Maacher an der Regioun ënnersträichen.

Duerch dëst Informatiounsheft wëlle mir Iech de Maacher Lycée méi no bréngen, eis Schouloffer kuerz beschreiwen, eis Projeten annoncéieren. Eng Auswiel vun Temoignagë vu fréiere Schüler aus eisem Lycée sollen Iech iwwerzeegen, datt de Maacher Lycée eng aner a - virun allem - eng gutt Schoul ass, an där sech déi Jugendlech aus eiser Regioun wuelfillen a beschtens op hiert spéidert Liewe virbereed ginn.

Kommt a loosst Iech begeeschteren op enger vun eisen „Portes ouvertes“ vum Maacher Lycée. Dir wäert gesinn, mir sinn net wäit vun Iech ewech.

***Le « Maacher Lycée » – plus proche de vous.***

*A partir de cette année scolaire, le « Lycée technique Joseph Bech » est devenu le « Maacher Lycée ». Ainsi nous voulons documenter une relance qui, soutenue par l’achèvement de notre nouveau bâtiment très fonctionnel, a déclenché une nouvelle dynamique avec de nouveaux projets pédagogiques au sein de notre école. Le nouveau nom symbolise aussi notre vaste offre scolaire avec l’enseignement classique et technique, et souligne notre assise à Grevenmacher et dans la région.*

*Par cette brochure d’information, nous voulons rapprocher le « Maacher Lycée » de vous, donner un aperçu sur notre offre scolaire et annoncer nos projets. Une sélection de témoignages d’anciens élèves de notre lycée devrait vous convaincre que le « Maacher Lycée » est différent et avant tout une bonne école, dans laquelle les jeunes de notre région se sentent à l’aise et sont bien préparés à leur avenir.*

*Venez et passionnez-vous pour le « Maacher Lycée » lors de nos portes ouvertes. Vous allez constater, on n’est pas loin de chez vous.*

**ESTGEN Gilles**
*Directeur du Maacher Lycée*



# Nouveau

*Exclusivité régionale*

## Section "Sciences sociales"
### (12e SO, 13e SO)

**Nouvelle Section SO**

MAACHER LYCEE

Depuis l'année scolaire 2014-2015, une section «Sciences sociales» est venue enrichir l'offre scolaire au Maacher Lycée. Elle s'adresse aux élèves qui envisagent une qualification professionnelle ou des études supérieures dans le domaine des sciences sociales sans pour autant vouloir devenir éducateur diplômé.



*Exclusivité nationale*


## Projet "Français +"
### + Mathématiques en allemand

**Projet Français + MATH en allemand**

MAACHER LYCEE

Pallier les difficultés des élèves les plus faibles en français grâce à une approche basée sur la motivation et l'approfondissement de la matière apprise en cours ;

- Développer leurs compétences au niveau de l'expression orale ;
- Favoriser la compréhension des problèmes en mathématiques ;
- Acquérir le vocabulaire mathématique de façon plus progressive.



# Fréier Schüler soen...

“Fir mech woar et dee beschte Choix an de Maacher Lycée ze goen. Ech gouf op mengem Wee ëmmer ënnerstëtzt an sinn dovun iwwerzeegt, datt ech an kenger anerer Schoul hätt kinnten dee super Exame schreiwen, den ech geschriwwen hunn.

Fir mech war déi kleng Schoul, mat dem gudden Encadrement, mat der schéiner Atmosphär an den engagéierte Proffen, genau déi richteg.”



**Janna Meyer-Boye -** Am Maacher Lycée vu 7e bis13e
*Aktuell am 3. Joer Mathematik op der Uni Freiburg (Breisgau)*



Mir huet besonnesch déi gutt Ambiance an de Klassë gefall, datt et fir mech net wäit vun doheem war an de gudde Stonneplang (mëttes ëmmer no 2 fräi). D’ Relatioun mat de Proffen an deenen anere Schüler war excellent.

**Vivas Paulo -** Am Maacher Lycée vu 7e bis 9e
*Docteur en médecine générale*

D’Schüler am MLG ware wéi eng grouss Famill , wou keen ënnergaang ass an ee fir deen aneren do war! D’Iessen an der Kantinn ass topp; et woar fir mech definitiv déi beschten Zäit a ménger ganzer Schoulcarrière, ech hu vill geléiert a ganz vill flott aner Erfahrunge gemaach!



**Joëlle Kayser -** Am Maacher Lycée vu 7e bis 4e
*Aktuell 4. Semester Hospitality Management (IUBH), Krabi, Thailand*



Dat Flottst war fir mech d’Familiaritéit, well de Lycée eben net ze grouss ass! Et kënnt ee ganz séier a Kontakt mat de Leit. D’ Proffe si cool, d’Gebai ganz schéin an d’Klassen agreabel.

Et gëtt ee super encadréiert an et ass ëmmer een do fir ze hëllefen. D’Ambiance ass exzellent an der Schoul. Et mécht einfach Spaass.

**Joy Mentgen -** Am Maacher Lycée vu 7e bis 4e
*Aktuell 1ère C am LGL*

Ech hat nom 6. Schouljoer Angscht an d' Stad ze goen well esou vill Lycéen an esou vill Leit a Schüler do woaren. De Maacher Lycée war dann e gudde Choix.

Et war och praktesch fir eis fir kënne mueres de Bus ze huelen an direkt virum Lycée stoen ze bleiwen. D'Ambiance war ganz gutt. Et ass e "mënschleche" Lycée!



**Nilton Martins** - Am Maacher Lycée vu 7e bis 13e
*Schauspiller (diplome EICAR, Paräis)*



Am Maacher Lycée woar alles ganz perséinlech, d'Proffen hu jidderee mam Numm kannt. Dat woar besonnesch wichteg fir déi éischt Joren direkt no der Grondschoul.

Dat Schéinst vun allem, all Dag um 2 Auer woar d' Schoul fäerdeg, dono hunn ech vill profitéiert vun de Mëttes-aktiviteiten, besonnesch am Sport (vill Auswiel). An och déi super classe de neige wäert ech ni vergiessen.

**Anne Haas** - Am Maacher Lycée vu 7e bis 4e
*Aktuell zu Bastogne fir institutrice de l'enseignement fondamental*

D'Raimlechkeete vum MLG hu mir ganz gutt gefall an d'Schoul ass ganz modern ageriicht. D'Nomëttes-Aktivitéiten si ganz gutt organiséiert.

Ech géif den MLG nach eng Kéier wielen, alleng scho wéinst dem neien Gebai, an well et esou vill verschidde Méiglechkeete ginn. De „Package" am MLG ass einfach komplett!



**Lampe Killian** - Am Maacher Lycée vu 7e bis 9e
*Elo Policeschoul fir Inspekter*

# Offre scolaire



## Enseignement secondaire classique

### Division inférieure

- 7e d'orientation
- 6e classique et moderne
- 5e classique et moderne

### Division supérieure

- 4e classique et moderne

## Enseignement secondaire technique

### Cycle inférieur

- 7e secondaire technique, 7e modulaire
- 8e théorique, 8e polyvalente, 8e modulaire
- 9e théorique, 9e polyvalente, 9e pratique, 9e modulaire

## Cycles moyen et supérieur du régime technique



### Division technique générale

10e TG, 11e TG, 12e GE, 13e GE

### Division des professions de santé et des professions sociales

10e PS, 11e PS, 12e So, 13e SO

## Régime de la formation professionnelle



DT - Technicien administratif et commercial

DAP - Agent administratif et commercial

DAP - Mécanicien industriel et de maintenance

DAP - Electronicien en énergie

DAP - Conseiller en vente

DAP - Menuisier

DAP - Coiffeur

# Maacher Lycée +

## Horaire Maacher Lycée

**Horaire de base:** 7h35 - 14h00

**Au choix** (programme modulable) jusqu'à 16h30



Accueil **positif** (7e)

Journées pédagogiques

Classe de neige (7e)

Séjours culturels



Cours d'appui individuel
(Français, Allemand, Mathématiques, Anglais)

Cours de mise à niveau
(Français, Allemand, Mathématiques)

Etudes surveillées
(tous les jours de 14h05 à 16h30)

Activités parascolaires (>20 activités)
(tous les jours de 14h05 à 15h40)

Lunchtime (encadrement des élèves à midi)

Charity Cross - 15 Mee 2015

ART EXPO






A2
23 & 25
AVRIL
MAACHER LYCEE
PORTES
OUVERTES
Jeudi, le 23 avril 2015
de 19h00 à 22h00
Présentation visuelle
(19h00 & 20h00)
Informations générales et
visites guidées
Samedi, le 25 avril 2015
de 9h00 à 13h00
Animations dans les ateliers et
laboratoires
Présentation des départements de
formations
Exposition de matériel didactique
Informations générales et
visites guidées
Maacher Lycée
Rue de l'Ecole
B.P. 29 I L-6701 Grevenmacher
www.maacherlycee.lu
secretariat@mlg.lu
Tél.: 75 06 65 - 0
ML